MAISON DU GRAND-DUC

Biographie vun der Prinzessin Claire

D'Prinzessin Claire ass den 21. Mäerz 1985 zu Filderstadt, Däitschland op d'Welt komm.

D'Prinzessin Claire, gebuere Claire Margareta Lademacher, ass dat zweet Kand vum Hartmut a Gabriele Lademacher. D'Claire huet een eelere Brudder, de Félix Lademacher. Hir Kandheet huet si mat hirer Famill an der hessescher Stad Usingen am Hochtaunus verbruecht.

Am Dezember 2012 huet d'Hofmarschallamt d'Verlobung vum Prënz Félix an dem Claire Lademacher ugekënnegt. D'Hochzäit war den 21. September 2013 an der *Basilique de Sainte Marie-Madeleine de Saint-Maximin-la-Sainte-Baume* a Frankräich. Zanterdeem dréit si den Titel « Prinzessin Claire vu Lëtzebuerg, Prinzessin vun Nassau ».

D'Prinzessin Claire an de Prënz Félix sinn Eltere vun engem Meedchen an engem Jong, der Prinzessin Amalia Gabriela Maria Teresa, gebuer de 15. Juni 2014 an der Maternité Grande-Duchesse Charlotte zu Lëtzebuerg, a vum Prënz Liam Henri Hartmut, gebuer den 28. November 2016 an der *Clinique Générale-Beaulieu* zu Genève.

Ausbildung a professionnell Aktivitéiten

No der Primärschoul an Däitschland plënnert d'Prinzessin Claire mat hirer Famill op Atlanta an Amerika, wou si an d'*Atlanta International School* geet. Ausser hirer Mammesprooch, dem Däitschen, schwätzt si Englesch, Franséisch an Italienesch.

1999 kënnt d'Famill Lademacher zréck an Däitschland. D'Prinzessin Claire geet an d'*Frankfurt International School* éier si fir zwee Schouljoer an den *Internat vum Collège Alpin Beau Soleil* an der Schwäiz geet, wou si de Prënz Félix kenneléiert. Si mécht hiren engleschen A-Level Ofschloss am Joer 2003 mat engem „Prize of Excellency". 2007 kritt d'Prinzessin Claire en Diplom an internationaler Kommunikatioun vun der *American University* zu Paräis.

Si sammelt duerno éischt Beruffserfarung am Verlagshaus *Condé Nast* zu New York an zu München an dono bei *IMG World* zu Berlin.

No engem *Master* an der Bioethik mat der Mentioun *summa cum laude* op der *Regina Apostolorum Universitéit* zu Roum decidéiert d'Prinzessin hir Kenntnisser ze verdéiwen an en Doktorat unzefänken. Parallel zu hire Studien schafft si fir d'Chaire fir Bioethik a Mënscherechter vun der UNESCO.

D'Prinzessin Claire huet en Doktertitel (PhD). Hir Thees zum Thema „Ethesch Aspekter vun der Awëllegung an d'Organspend" huet si zu Roum presentéiert. Am Kader vun der Recherche fir hir Thees war si als *guest researcher* am *Kennedy Institute of Ethics* vun der *Georgetown Universitéit* zu Washington D.C.

Zesumme mat hirem Mann, dem Prënz Félix, féiert d'Prinzessin Claire den Domaine viticole vum *Château les Crostes* zu Lorgues zanter 2013. Si ass Matgrënnerin vun der Societéit *Young Empire*, enger Mark vu Kleeder an Dekoratiounsartikele fir Kanner.

Nieft hire berufflechen a familiären Engagementer bleift si weider aktiv am akademesche Beräich vun der Bioethik. Am Februar 2018 huet si eng Gaaschtprofessur op der Fakultéit vun der Bioethik vun der Universitéit *Ateneo Pontificio Regina Apostolorum* zu Roum. Am Mäerz 2018 hélt si deel un der Konferenz: *"Ethics in Action" ("Modern Slavery, Human Trafficking, and Access to Justice for the Poor and Vulnerable")* vun der *Pontificia Academia Scientiarum*

am Vatikan. Am Mäerz 2019 schwätzt si an engem Diskussiounsgrupp op der Konferenz *Stand Speak Rise Up!,* déi op Initiativ vun der Grande-Duchesse organiséiert gouf, iwwer dat sensibelt Thema vun der Inclusioun vu Kanner vu Vergewaltegungsaffer.

Offiziell Aktivitéiten

D'Prinzessin Claire ass bei verschiddenen offiziellen Aktivitéiten, wéi dem Nationalfeierdag oder der Schlusspressessioun vun der Oktav, dobäi. Si hëllt och un aneren Aktivitéiten deel, déi di groussherzoglech Famill zesumme feieren.

Duerch hir akademesch Ausbildung an Erfarung huet d'Prinzessin Claire sech bei der Associatioun *Luxembourg Transplant ASBL* engagéiert, wou si och den *Haut Patronage* iwwerholl huet. Si hëlt reegelméisseg um Internationalen Dag vun den Organspenden zu Lëtzebuerg deel.

Interessen a Fräizäit

Vun hiren Elteren inspiréiert, gëllen d'Intresse vun der Prinzessin sozialen a kulturellen Themen. D'Prinzessin Claire huet ënner anerem eng Rei Reesen am Kader vun humanitäre Projete gemaach, wéi zum Beispill op Tiruppur an Indien.

D'Prinzessin Claire gëtt net midd Autobiographien ze liesen. Doriwwer eraus mécht si Yoga, Pilates a spillt Badminton. Si ass gären an der Natur an ass zanter hirer Jugend vun der Fotografie begeeschtert.

D'Prinzessin Claire wunnt zanter August 2018 mat hirem Mann an hiren zwee Kanner zu Frankfurt um Main. Si baakt gäre mat hire Kanner a moolt och vill mat hinnen. D'Ausbildung vun hire Kanner läit hir um Häerz an et ass hir e grousst Uleies, de Kanner Freed um Léieren ze vermëttelen an hinnen d'Welt z'erklären.